



Lëtzebuerg, de 14. Juni 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro iwwert d'**Bréifwal** un den **Här Inneminister** weiderzeleeden.

D'Bréifwal gëtt ëmmer méi populär an och bei den Europawalen 2024 hu vill Bierger:innen d'Bréifwal ugefrot. Laut dem Internetsite elections.public.lu waren et der 88.102, 18.000 méi wéi bei de Chamberwalen 2023. Et goufen awer just 84.214 Bulletins gezielt, déi iwwer Courrier erakoumen.

Aus diverse Quelle war ze héieren dass et, nieft de feelende Walinformatiounen a verschiddene Gemengen, och aner Problemer gouf mat der Bréifwal: Enveloppen déi guer net bei de Wieler:innen ukoumen, Enveloppen déi esou spéit ukoumen, dass se net zur Zäit konnten zeréckgeschéckt ginn, Envoïë bei deenen eng vun den zwou Enveloppë fir de Retour gefeelt huet. Besonnesch Student:innen am Ausland ware betraff, awer net nëmmen.

Dozou erlaben ech mer et folgend Froen un den Här Minister ze stellen :

- 1. Wéi erkläert den Här Inneminister, datt et no jorelaangen Erfarunge mat der Bréifwal nach ëmmer zu esou vermeidbare Panne ka kommen ?**
- 2. Wat gedenkt den Här Inneminister z'ënnerhuelen, fir sécherzestellen, dass bei den nächste Walen de Choix fir d'Bréifwal net bedeit dass ee méiglecherweis eent vu senge wichtigste Biergerrechter net kann ausüben?**

Mat déiwem Respekt,

**Meris SEHOVIC**  
Deputéierten



**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°888 vum  
honorabelen Deputéierte Meris Sehovic**

Gemäss dem ofgeännerte Walgesetz vum 18. Februar 2003 fält d'Organisatioun vun den Europawalen ënner d'Kompetenz vum Staatsministère, deen de Gemengen déi neidesch an obligatoresch Formulieren, Placards an och d'Enveloppë fir Bréifwal zoukomme gelooss huet.

De Staatsministère huet am Kader vun de Europawalen verschidde Circulairen un d'Gemengen iwwer d'Plattform vum Ministère des Affaires intérieures verscheckt déi d'Bréifwal concernéieren<sup>1</sup>. Et kann een se um offiziellen Internetsite vum Ministère des Affaires intérieures consultéieren.

**Fro 1 :**

Et gëtt verschidde Méiglechkeeten fir den Ecart zwëschen der ugefroter Bréifwal a de Bulletins déi gezielt goufen ze erklären.

An eenzelne Fäll ass dem Ministère zougedroë gin, dass d'Enveloppe mam Walziedel, déi per Recommandé vun der Gemeng verschéckt gëtt, net zougestallt gëtt, entweder well d'Adress vum Wieler net korrekt oder präzis genuch ass oder well de Wieler de Recommandé net entgéint hellt, respektiv en net innerhalb vum Delai an d'Post siche geet.

Huet de Wieler de Bréif kritt, läit et a senger eegener Responsabilitéit, fir de Walziedel fréi genuch fortzeschécken fir dass e mat Zäiten am Walbüro ukënnt. Dowéinst kënnt et ëmmer nees vir, dass Walenveloppe, virun allem wann se aus dem Ausland zeréck geschéckt ginn, ze spéit am Walbüro ukommen.

Doniert hu lokal auslännesch Postbüroen entweder keng Instruktiounen fir de Vote par correspondance kritt oder hunn se ignoréiert. Et ass probéiert ginn ze intervenéieren, sief et um Niveau vun der nationaler POST an um Niveau vun de Lëtzebuerger Ambassadeuren. Och gouf an dem Kontext vun der nationaler POST een Appell un d'Union postale universelle gemaach.

Gemäss dem Artikel 332 vum ofgeännerte Walgesetz vum 18. Februar 2003 ass de Schäfferot um kommunalen Niveau kompetent fir den Envoi vun der Bréifwal. Bei der Quantitéit vun Enveloppen déi musse verscheckt gin ass et méiglech, dass et beim Apake zu Feeler kent.

Am Kontext vun de leschten Europawahlen war den Inneminister iwwer ee konkrete Problem informéiert ginn, deen am Zesammenhang mat dem Verschécken vun den Erklärungen zur Stëmmvergab stung. Sechs Gemengen haten de Wieler am Kader vun der Bréifwal eng

<sup>1</sup> Circulairen n°2024-15, n°2024-029 an n°2024-032



onkomplett Dokumentatioun zoukomme geloss. Déi concernéiert Gemengen waren dorobshinn vum Inneministère opgeruff ginn, d'Dokument mat den Instruktiounen de jeweilige Wieler nozereechen.

**Fro 2 :**

Am Kader vun den Europawale sinn, op Basis vun den Erfarunge béi de legislative Walen, kuerzfristeg Mesurë geholl gi fir d'Differenz tëschent der ugefroter Bréifwal an de Bulletins déi gezielt goufen ze reduzéieren.

Mam Convocatiounsbréif krut de Wieler gläichzäiteg Instruktiounen (op Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch an Englesch) geschéckt déi erkläre wéi een seng Stëmme verdeele kann an, fir de Fall vun der Bréifwal, a wéi eng Enveloppe ee säi Walziedel leeë muss. D'Instruktioune sinn des Weideren och a „leichter Sprache“ (Däitsch a Franséisch) iwwersat an op <https://klaro.lu/>, <https://guichet.public.lu/>; [https://elections.public.lu](https://elections.public.lu/) publizéiert, an iwwer de SIGI un d'Gemengen, genausou wéi un de GRESIL (<https://integratioun.lu/gresil/>) an Info Handicap verdeelt ginn.

Bei der Bréifwal krut de Wieler mam Walziedel zousätzlech ee Flyer matgeschéckt op deem bildlech an a verschiddene Sproochen erklärt gëtt wéi d'Bréifwal funktionéiert. Des Mesurë solle garantéieren, dass de Walziedel gültig ausgefëllt an d'Bréifwal richteg a mat Zäite verschéckt gëtt.

Donieft ware generell Informatiounen betreffend d'Walen an notamment d'Bréifwal och op diversen Internetsäite wéi z.B. <https://jepeuxvoter.lu/>, <https://elections.public.lu/>, <https://guichet.public.lu/>, <https://klaro.lu/>, <https://zpb.lu/>, a verschiddene Sproochen, inklusiv „leichter Sprache“, an diverse Formater disponibel.

Den 9. Mäerz 2024 ass och en Avis betreffend d'Bréifwal an diversen Dageszeitunge publizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 18. Juli 2024

Den Inneminister

(s.) Léon Gloden